

# RICHTEG LËTZEBUGESCH SCHREIWEN

---

Titulaire(s) du cours : Géraldine KARIER

Classes et horaires : 3<sup>e</sup> – jeudi de 07h55 à 09h40

## **Finalités et objectifs de l'option**

D'Zil vun dësem Cours ass et, d'Schülerinnen an d'Schüler an déi offiziell lëtzebuergesch Orthographie, déi 1999 reforméiert gouf, anzeféiern. Um Enn vum Joer solle si korrekt Lëtzebuergesch schreiwe kënnen.

## **Programme**

D'Orthographie-Optioun ass ausgeschafft gi vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) vum Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Fir d'Andeelung vum Cours gouf sech un der Brochure vu *schreiw.lu* orientéiert.

De Programm besteet aus 22 Kapitelen, an deenen d'Schreifweis vum Lëtzebuergesch erkläert a geübt gëtt. De Schwéierpunkt vun der Optioun läit am Schreiwen, woubäi a verschiddenen Exercicer d'Lëtzebuergesch Kultur agebonne gëtt, déi dann an Zousazcoursen zu Diskussiounen féiere kënnen. Et ass z. B. rieds iwwert Lëtzebuergesch Spréchwierder, de Siegfried an d' Melusina, d' Schueberfouer, den Hämelmarsch oder typescht lëtzebuergesch lesen.

## **Méthodologie, déroulement**

Den éischten Deel vun der Optioun (bis d'Fuesvakanz) ass esou opgebaut, datt an der zweeter Stonn eng nei Regel geléiert a geübt gëtt, an d'Woch drop an der éischter Stonn Zousazexercicer gemaach ginn, fir d'Regelen ze festegen.

No der Fuesvakanz schreiwen d'Schüler selwer Texter, fir déi geléiert Inhalter ze trainéieren.

Am drëtten Trimester gëtt d'Grammaire kuerz thematiséiert an d'Schreifweis weider geübt, z. B. duerch d'Opstelle vun enger Schülerzeitung oder enger "Ausstellung", an där d'Schüler e lëtzebuergesch Schrëftsteller, Sportler, Museker, e Monument oder eng Traditioun virstellen.

## **Public cible**

Jiddwereen, dee sech fir d'Lëtzebuergesch Sprooch interesséiert a sech an d'Schreiwen aschaffe wëllt.

Et ass virausgesat, datt ee gutt Lëtzebuergesch schwätzt.

## **Evaluation**

Trimester: Prüfung

Trimester: Orthographie-Ofschosstest (gëtt vum Ministère bereet gestallt)

D'Schüler kréien en Zertifikat vum Ministère, wa si den Ofschosstest erfollegräich packen.

Trimester: Prüfung / Nott fir d'Schülerzeitung an d'Ausstellung